

EN HANDWIERK WÉI EN ANERT...

Am Fliiger zeréck vu Wien souz ech niewent engem Tipp, dee sech wuel nach méi e seelent Handwierk erausgesicht hat wéi ech. Wéi mer an d'Gespréich komm waren, weess ech net méi, op jidder Fall hu mer iwwer lesse geschwat, an et huet mech gewonnert, datt hien de Plachuttanetkanthuet. Ech hat den Owend virdu mat engem Wiener Kolleg do en éischtklassegen Tafelspitz giess an hu mengem Reesnoper d'Adress vum Haus zu Hietzing du och op en Ziedel notéiert. Sou huet hie gemierkt, datt ech Lénkshänner sinn, a kouv iwwer dat Thema op seng Aarbecht ze schwätzen. Ech muss soen, dat ech hie wéinst sengem schlechten Englesch net sou ganz verstan hunn an ëmmer nach net sou richtig weess, wat hien eigentlech mécht. Hien huet mer eppes vun Industrianlagen, groussen lewen, Brenner – speziellen Installatiounen – verzielt, wou hie bei enormen Temperaturen déi bannescht Wänn géif rafistoléieren oder auskleeden, eppes an deem Genre – hie sot eppes vu Siliziumkarbid –, e Spezialist eben, wéi et der net vill géife ginn, an sou wier hien an der ganzer Welt gefrot, géif lo iwwer Lëtzebuerg a Portugal a Brasilie reesen. Wéiechebenoch. Nëmmen, datt ech iwwer mäin Handwierk net sou fräi eraus schwätze kann. Ech hunn ugefaang als Ankerwéckler, a jonke Joeren, awer déi Léier net fäerdeg gemaach. Iergendwéi gouf ech mam Patron net eens, a sinn du einfach menger Wee gaang. Hunn den Zuch geholl Richtung Italien, bei e Koseng, mat deem ech mech gutt verstan hunn. Meng Famill, vu menger Mamm hiner Säit hier, kënnt aus Apulien, an ech goug dohin zeréck an hunn zwee Joer zu Foggia gelieft. Mäi Koseng Donato huet do zimlech vill Leit kennt, an ech hat kee Problem, mech anzeliwen. Do hunn ech och, no an no, mäin Handwierk geléiert. D'Präzisioun, déi als Ankerwéckler vu mer gefuedert gi war, war mer lo ganz nätzlech, an de Mauro, dee mäi Léiermeeschter war, konnt zefridde mat mer sinn. Schonno kuerzer

Zäit hat ech Erfollech a gouf séier zu dem gefrote Spezialist, deen ech lo sinn. Natierlech huet sou eng Positioun och seng Nodeeler, laang an och mol beschwéierlech Reesen, Hoteller, déi net ëmmer déi komfortabelst sinn, Flich an Zich mat vill Verspéidung, Jetlag, Stress, an awer muss ech ëmmer voll do sinn, zouverlässeg a präzis. Mäin Dokter sot mer schonno, ech sollt lues maachen, ech wier jo am Pensiounsalter. Ech äntweren him dann, datt, sou laang déi Saach mer Spaass méich, ech net dovu géif ofloosssen. Hie weess jo och net, wat ech genee maachen, mengt, datt mäin onrouegt Liewen eenzeg duerch meng Mataarbecht a mengem Brudder senger Publizitéitsagence géif kommen. Dovun hätt ech mer kee Wunnsätz zu Monaco kéinte leeschten a keng Finca op Mallorca. Déi Agence ass einfach nëmnen eng gutt Deckung an eng éischtklasseg Méiglechkeet, Geld ze wäschen. Meng Geldwäsch gouf sou – indirekt – scho mat dem engen oder aneren Design Award ausgezeechent an d'Agence krut dofir héichst Komplimenter vum Minister. Ënner Kollegen hu mer – am Geck – scho mol driwwer diskutéiert, ob deen Job iwwerhaupt en Handwierk wier. Da soen ech: Woumat schaffen ech da vläicht? An dat mat lénks! Virun enger Rei Joeren war et allerdings ee Moment schwierig ginn, well ech mer zu Sankt Moritz beim Schi d'Hand gebrach hat. Ech hunn do missen op riets wiesselen. An dat zimlech séier, well en Optrag ustoung. Dat huet mech schonno e bëssen Training kascht. Goung awer. Sou Opträg kommen dacks ganz kuerzfristeg, iwwer Tëschemänner. D'Gefor, datt eppes duerchsickert, gëtt domat kleng gehal. Och kréien ech meng Uweisungen no an no. Ech fléien zum Beispill, wéi de leschte Mount, op Montevideo, als Geschäftsmann, kréien dann do réischt alles matgedeelt, wat ech fir meng Aarbecht brauch. Dat leeft heiansdo op sou koppegen Ëmweeër, datt et mer op d'Nerve geet, Sécherheetsvirkéierungen,

déi einfach iwwerdrifwe sinn. Wie sou laang am Business ass wéi ech, dee weess schonno, wéi en sech uleet. Ech schaffen op mech, wat net ëmmer einfach ass, well och an deem Beräich gëtt d'Konkurrenz vu quasi industriell organiséierten Entreprises ëmmer méi grouss. Ech halen näischt vun sou industrieller Masseproduktioun, ech liwweren ganz perséinlech Aarbécht, Déngschtleeschungen, déi all Kéier präzis op de Client zougesechnidde sinn, gutt Handwierk eben. Et gouf schonno deen een oder aneren Award, wat meng Honorären ubelaangt. Dozou muss ech soen: an eisem Geschäft ginn et keng fest Tarifer. Vu Fall zu Fall kann dat ganz ënnerschiddlech sinn, hängt ëmmer vun der Situatioun of. Eng Kéier sinn ech laang ënnerwee, muss vill Viraarbécht leeschten, kommen nëmme schwéier un de Beräich erunn, wou ech meng Aarbécht verriichten, eng aner Kéier geet alles vum selwen. Iwwer d'Wiel vum Aarbechtsgeschir kann ech aus Sécherheetsgrënn hei näischt soen. Déi eenzeg Informatioun, déi ech ka ginn – well se net méi aktuell ass – ass, datt ech viru Joeren e Vertrag hat mat Heckler a Koch, deen awer opgeléist gouf. Sou eng Zort Schreiwes ass an eisem Beräich och net wierklech ubruecht, well mer am Fong jo keng Spure wëllen hannerloossen. Dat ass vläicht den Ënnerschied zu anerem Handwierk: do soll eppes entstoen, an d'Rei gesat ginn, bleiwen, daueren, eppes dat sech weise léisst. Bei eis ass et éischer d'Diskretioun. Wat méi onopfälleg, wat besser. Natierlech muss du der och en Numm maachen, soss bass de séier vergiess. Ech hunn ëmmer propper geschafft, am Géigesaz zu verschiddene Kollegen, déi regelméisseg zimlech vill Dreck hannerlooss hunn. Ech hat mat vill Training eng Technik entwéckelt, déi mer et erlaabt huet, sou unzeleeën an ofzedrücken, datt d'Affär sech quasi elegant op de Buedem geluecht huet. Dohir krut ech de Spätznumm Buedemleeër. Anerer haten Nimm

wéi Trennscheif, Konkasser oder Krokodill. Jidderengem seng Spezialitéit. Meng Subtilitéit a mäin Afillungsverméigen, Qualitéiten, déi am Milieu éischer rar geséit sinn, hu mer eng aussergewöhnlech Karriär an e wierklech schéint Liewen erméiglecht.



A gewässermoosse sinn ech nach haut deem schäiss Ankerwéckler-Patron a senge kretinéisen Naupen dankbar, datt e mech gehaast a kujenéiert huet. Wéi mäin Noper am Fliger sot: Sou eng Chance dāerf een net verpassen! Hien, dee klenge Plätterchersleeër – sou hätt en ugefaang, sot hien –, deen lo vun de gréissten Industriebetriebe op der ganzer Welt gefrot ass, an ech, de Buedemleeër... en Handwierk wéi en anert...

Nico Helminger